



Fir d'Éischt e grouse Merci un d'Joëlle Elvinger fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Dat hei war e ganz laangwierege Prozess, wéi dat richteg ervirgestrach ginn ass, wou also ganz villes geschitt ass iwwert d'Joren. An et ass och esou, dass d'Finanzkris vun 2008 och hei hir Tracen hannerlooss huet an erklärt, dass och nach komplementar Changementer iwwert d'Zäit komm sinn. Ech freeë mech, dass mer dat heiten an den Délaie kënnen stëmmen, fir dass et den 1. Januar vun 2016 kann a Kraaft trieden.

Ech hunn an de verschiddene Rapporten, déi gemaach gi si vun de Chambre-professionnelen, Chambre de Commerce an anerer, kënnen liesen, dass se frou sinn, dass mer hei „toute la directive“ an „rien que la directive“ ëmgesat hunn, am Intérêt, mengen ech, vum Land. An dat ass och eng gutt Saach esou.

D'Assurancen zu Lëtzebuerg an d'Assurancen an der Welt ware vu relativ ale Regulatiounen geregelt, déi zréck an d'70er Jore ginn, an zu Lëtzebuerg och an d'70er Joren, wat d'Direktiven ubelaangt, an an d'90er Joren, wat eist groust Gesetz iwwert d'Assurancen ubelaangt. An den Haaptuleies vun där aler Gesetzgebung war haaptsächlech ofzesécheren, dass d'Assurancen déi richteg Provisiounen geholl hunn, déi richteg Sinistren ofgedeckt hunn, mathematesch Provisiounen geholl hunn. Bref, géif ech soen, eng relativ limitéiert Approche.

Wat scho vill manner gekuckt ginn ass, dat ass, wéi d'Assurancen en fait fir de long Terme ofgesécheren hunn doduerch, dass si Primme kréien, déi regelméisseg sinn, déi all Joers kommen, mä se natierlech mussen déi Suen, déi se asammelen, à long terme sécheren.

Wa mer elo kucken, wat déi zwee Haaptobjektiver vu Solvency II sinn, géif ech soen, ass et duebel: zum Éischten, fir natierlech de Preneur d'assurance ze schützen, an zweetens, fir systemesch Risiken ze verhënneren. An dat huet Konsequenzen, souwuel op d'Entreprise op där enger Säit wéi och op de Contrôleur, an eisem Fall de Commissariat aux Assurances.

Wa mer et elo vun den Entreprises aus kucken, géif ech soen, hu mer dräi gréisser Changementer an déi sinn och vun de verschiddenen Orateuren, vun der Madamm Elvinger, vum Här Wolter a vum Här Fayot, richteg ënnerstrach ginn.

Mir hu quantitativ Changementer doduerch, dass d'Provisiounen, déi technesch Provisiounen an der Fuerderung op de Capitaux méi streng ginn. Dat géif ech nennen déi quantitativ Changementer.

Dann hu mer awer och qualitativer, well d'Entreprises eenzel ganz vill Mesurë mussen huelen an och hir Gouvernance mussen verbesseren, vill méi Audite mussen maachen, fir sécherzestellen, dass se gesond sinn. Dat huet net nëmme mat verschiddene Kritären ze di vu Capitaux oder esou, mä och, wéi se sech selwer ënnerlech, inhouse organiséieren.

An deen drëtten Punkt ass d'Disponibilitéit vun den Informatiounen an der Entreprise a bausen. Bausen natierlech fir de Preneur d'assurance, mä natierlech och fir d'Observateur fir d'Marchéen, fir d'Contrôleuren. An doduerch kréie mer vill méi Transparenz bei den Assurancen, fir méi Sécherheet op de Mäert ze hunn.

Wat ännert dat fir de Contrôleur, an eisem Fall de Commissariat aux Assurances?

Ech géif soen, och dräi Saachen. Fir d'Éischt, dass de Commissariat aux Assurances zu Lëtzebuerg muss d'Entreprises am Eenzelne besser kenneléieren. Se mussen wierklech an den Detail

vun all eenzel Firma kucke goen. An do hu mer grousser a mëttlerer a verschiddener mat Spezifitéiten. Dat mécht et net méi einfach, mä dat mécht natierlech d'Kontroll méi effikass.

Dat Zweet, géif ech soen, dat ass, dass de Contrôleur, de Commissariat aux Assurances an eisem Fall, eng gewësse Marge de manœuvre huet, wéi en all déi Mesuren ëmsetzt. An zu Recht huet den Deputéierte Ben Fayot ënnerstrach, dass och déi Sache mussen mat enger gewëssener Proportionalitéit gemaach ginn.

(Interruptions diverses)

Franz Fayot, richteg, Franz Fayot! Ech wollt kucken, ob Der gutt nogelasschert hutt.

(Interruptions et hilarité)

Ah, wonnerbar! Franz Fayot. Jo, dat sinn déi Association-d'idéien. Voilà!

Also déi Proportionalitéit richteg ervirsträchen.

An dann drëtten och fir de Commissariat aux Assurances zu Lëtzebuerg de systemesche Risque anzuschätzen an den Impakt vun den Assurancëgesellschaften alleguerten op de Marchéen. Dat si vill Changementer beieenen.

Wéi richteg ënnerstrach ginn ass, hu mer eis scho säit Joren dorop virbereet. Dat ass eng gutt Saach.

Vläicht e Wuert zum Assurancësektor zu Lëtzebuerg.

Dat ass och vu verschiddenen Orateuren ënnerstrach ginn: Den Assurancësektor ass ee vun de wichtege Piliere vun eiser Finanzplaz. Ech ginn net midd, dat ze widerhuelen, och wann ech Promotiounen am Ausland maachen. Mä et ass och ganz wichteg, dass mer eis hei zu Lëtzebuerg däreis bewosst sinn.

Mir si relativ staark zu Lëtzebuerg an der Assurance vie, well mer déi iwwert d'Grenzen ewech a ganz Europa op Basis vun der libre Prestation de services vermaarten. Mir sinn do e ganz groussen Akteur.

Wann ech d'Primme kucken, déi mer 2014 erakuten, dann ass dat e Rekordjoer gewiescht. Wann ech d'Profitter kucke vun 2014, da war dat och ganz no bei engem vun de beschte Joren, wat e gutt Zeechen ass. Mä d'Reform, déi mer elo hei stëmmen, ass jo och nach net a Kraaft. Mä et ass jo net esou, wéi wann d'Entreprises, déi mer hei hunn, sech net géifen dorop virbereeden.

Ech géif gären op e puer Punkte kuerz agoen, déi de Michel Wolter évoquéiert huet, zréckkommen, well se mer wichteg schéngen.

Dee ganzen Défi court terme, long terme fir d'Assurancen ass natierlech fundamental. A wann een op där enger Säit nëmmen hiert Resultat op ee Joer kuckt, wëssend, dass d'Assurancen Engagementer huelen op 20, 30, 40 Joer, da muss justement am qualitative Contrôle, dee gemaach gëtt vum Commissariat, dat ganz gutt gekuckt ginn.

Et ass richteg, op eng gewëssen Aart a Weis, dass den Assurancësektor gutt resistéiert huet a manner Problemer an der Finanzkris hat wéi de Bankesektor. Et gëtt awer eng grouss Ausnam, dat ass AIG an Amerika. Déi hu ganz grouss Problemer gehat. An et ass och esou, dass virun der Finanzkris, an dat hu mir och souguer zu Lëtzebuerg e bësse matkritt, eng Tendenz war, dass d'Banken an d'Assurancen no dobäi waren, vill ze fusionéieren. An no der Finanzkris ass dat erëm komplett ausser Moud gewiescht, well gutt verstane ginn ass, dass d'Business-Modeller vun deenen engen a vun deenen anere ganz anescht sinn, wat en fait och dorop schlësse léisst, wéi dat richteg ënnerstrach ginn ass, dass den Appetit fir de

Risque ganz anescht an enger Bank ass wéi an enger Assurance.

Déi Remarque, déi och vum Franz Fayot gemaach ginn ass a souwuel vum Michel Wolter iwwert den Défi fir d'PMEen an deem Domän, dat ass eng richteg. Ech mengen, mir kënnen dat net zu Lëtzebuerg léisen, mä natierlech mussen sech d'PMEen esou opstellen zu Lëtzebuerg, dass se kënnen kompetitiv bleiwen.

E leschte Punkt: Solvency II riicht sech nëmmen un Europa. Dat ass en Défi, dee mer a ganz ville Saache begéinen. Wa mer elo zum Beispill d'Transparenz fiscale kucken, BEPS, déi nei Struktur fir d'international Besteuerung weltwäit, dat ass gemënt fir d'ganz Welt, an Europa ass e Virreider.

Solvency II ass nëmme fir eis selwer de ganzen Areal, géif ech soen, vun internationale Regelen. Mir mussen fir Lëtzebuerg suergen, dass mer do en „level playing field“ kréien, mä mir kënnen dat natierlech net eleng bewerkstelligen. Wann ech d'Regele vu Basel III gesinn, déi si mir amgaangen an Europa ëmzesetzen. An Amerika hu se Basel II nach net ëmgesat. Dat ass also eng richteg Erausforderung.

Als Konklusioun: Ech mengen, dass Lëtzebuerg gutt opgestallt ass, fir weider attraktiv ze sinn am Assurancësektor grenziwwerschreidend. Ech si frou, dass d'Entreprises amgaange sinn, sech virbereeden, an net op de leschte Stëpel gewaart hunn, fir sech ze preparéieren, haaptsächlech wat d'Informatik ubelaangt an d'Gouvernance interne.

An dat bréngt mech dann dozou, dem Commissariat aux Assurances Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass, fir Solvency II ëmzesetzen, wou de Commissariat natierlech ganz enk mam Ministère des Finances zesummegeescht huet.

Mä vläicht och e kleng Réckbléck op d'Gesetz vun 1991, wou, mengen ech, den Auteur vun deemools haut op der Tribün ass, de Vic Rod, deen ech begrëssen. Et kann ee vläicht soen, dass de Vic de Papp ass vun der Assurancen- a Réassurancëwelt zu Lëtzebuerg.

Ech si frou, Vic, dass De haut bei eis bass, wou mer dat heite stëmmen. Et ass eng flott Geleeënheet, fir Dir Merci ze soen an all deenen, déi Dir gehollef hunn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dat ass ganz onorthodox, wat Dir haut maacht.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Mä bon, dat ass egal. Et ass onorthodox.

(Hilarité)

Mä dat, wat den Här Rod gemaach huet iwwert déi Joren, war och onorthodox. An dofir hu mir haut e gudden Assurancësektor, deen eiser Finanzplaz vill hëlleft.

(Brouhaha)

Ech géif gär dem Vic Rod Merci soen, awer och dem Commissariat aux Assurances, sengem Nofolger, deen dat och wonnerbar mécht.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Hilarité)

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Den Här Rod kann och vläicht äntwerten, Här President.

(Hilarité générale)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo, an ech begrëssen dann och vläicht meng Famill, déi eis nokuckt.

(Hilarité générale et interruptions)

Merci dem Här Finanzminister.

Et ass eng relativ laang Sëtzung, soudass et och heiansdo flott ass, wann et e bësse méi labber gëtt. Dat gesot, mengen ech, zweifele mer net un der Wichtigkeet vun deem Projet a mer géifen dann och elo direkt iwwert dee Projet ofstëmmen, fir dass en nach matzäit a Kraaft kann trieden.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6456 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Votten. An dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6456 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Boffering, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par Mme Claudia Dall'Agnol) et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Eddy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)


Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm de Projet 6826, eng Rei vu Konventionen am Beräich vun den Duebelbesteierungen. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Joëlle Elvinger.

7. 6826 - Projet de loi portant

1) approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Principauté d'Andorre tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 2 juin 2014;

2) approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Croatie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et



d'Chamber online op www.chd.lu



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 20 juin 2014;

3) approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Estonie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 7 juillet 2014;

4) approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Singapour tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Washington DC, le 9 octobre 2013;

5) approbation du Protocole, signé à Abou Dhabi, le 26 octobre 2014, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Émirats Arabes Unis tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Dubaï, le 20 novembre 2005;

6) approbation du quatrième Avenant, signé à Paris, le 5 septembre 2014, à la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la France tendant à éviter les doubles impositions et à établir des règles d'assistance administrative réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune signée à Paris le 1^{er} avril 1958 modifiée par un Avenant signé à Paris le 8 septembre 1970, par un Avenant signé à Luxembourg le 24 novembre 2006 et par un Avenant signé à Paris, le 3 juin 2009;

7) approbation du Protocole et l'échange de lettres y relatif, signés à Luxembourg, le 27 mai 2014, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et l'Irlande tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir l'évasion fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 14 janvier 1972;

8) approbation du Protocole et du Protocole additionnel, signés à Luxembourg, le 20 juin 2014, modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lituanie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 22 novembre 2004;

9) approbation du Protocole, signé à Bruxelles, le 28 janvier 2014, modi-

fiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Maurice tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole, signés à Luxembourg, le 15 février 1995;

10) approbation du Protocole et l'échange de lettres y relatif, signés à Bruxelles, le 8 juillet 2014, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République tunisienne tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir l'évasion fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 27 mars 1996

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger (DP), rapportrice.** - Merci nach emol, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, an der Lescht gëtt vill vu Steiere geschwat, dat éischtens duerch déi vill verschidden international Initiativen, déi sech fir méi Steiergerechtegkeet asetzen, an zweetens, well jo och hei am Land eng Steierreform an d'Haus steet.

Op dëser Plaz geet et ëm en anert Steierthema, an zwar dat vun de sougenannten Traités de non double imposition, also ëm Accorden tëschent zwee Länner, déi eng Duebelbesteuerung verhënnere sollen. Dës Regele kommen zum Beispill an d'Spill bei enger Firma, déi an engem Land hire Sëtz huet an awer och an engem anere Land Aktivitéiten huet. An dësem Fall regelt esou eng Konventioun, wou wéi eng Steieren dann ufalen.

Sou gëtt och séchergestallt, dass net guer keng Steiere bezuelt ginn, an awer och, dass net op zwou Plazen entweder d'selwecht Steiere bezuelt musse ginn. Et handelt sech domadder och ëm en Outil, fir Abusen a Steierfroen ze ënnerbannen. Am Moment huet Lëtzebuerg 74 esou Konventiounen mat verschiddene Länner ënnerschriwwen, wat och drop hiweist, dass mer eng Finanzplaz hunn, déi ganz gutt Lienen an d'Ausland huet.

Här President, haut de Mëtteg maachen ech lech de Rapport zu engem Gesetzesprojet, dee weider Konventiounen derbäisetzt an anerer aktualiséiert. De Projet de loi 6826 gouf den 9. Juni 2015 vum Finanzminister deponéiert. De Statsrot huet du säin Avis de 6. Oktober formuléiert an d'Finanz- a Budgetskommissioun vun der Chamber huet de schréffleche Rapport den 11. Oktober guttgeheescht.

Duerch de virleienden Text wäerte véier nei Duebelbesteuerungsofkommessen derbäikommen, an zwar Konventiounen mat Andorra, Kroatien, Estland a Singapur. Déi véier nei Konventiounen begräifen dann och d'Investmentfongen a si begräifen den Échange de renseignements a sinn nom OECD-Modell formuléiert.

Da ginn awer och nach eng Rei Accorden aktualiséiert, déi mer schonn ënnerschriwwen hatten. Déi fënnef Konventiounen mat den Arabeschen Emiraten, Irland, Litauen, Mauretanien (veuillez lire: Mauritius) an Tunesien ginn duerch Protokoller ugepasst.

Da gëtt awer och nach d'Konventioun mat Frankräich duerch en Avenant ugepasst. Dësen Avenant gesäit nämlech vir, dass d'Gewënner aus der Alignatioun vun Aktien oder Parte vu Gesellschaften à prédominance immobilière,

dat heescht, déi virun allem Immobilien an hiren Aktiven hunn, do besteiert ginn, wou sech den Immeubel befënnt. Dat heescht, si ginn à la source besteiert.

Här President, dëse Gesetzesprojet dréit dozou bäi, dass eist Land säi Réseau mat den Duebelbesteuerungsofkommessen erweidert a sech ëmmer nees den internationalen Ufuerderungen upasst. E reit sech an eng Rei vu Mesuren an, déi d'Regierung geholl huet, fir eis Finanzplaz ze konsolidéieren.

An dofir géif ech och dem Finanzminister a senge Beamten aus dem Ministère op dëser Plaz villmools Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht am Parlament bei dësem Projet de loi. An ech géif den Accord vun der liberaler Fraktioun ginn zu dësem Projet an da soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet direkt den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Éischt der Rapportrice, dem Joëlle Elvinger, Merci fir hire schréfflechen a mëndleche Rapport. Virop: D'CSV wäert dëse Gesetzesprojet stëmmen. Et ass e wichtege Gesetzesprojet fir d'Finanzplaz an et ass och e Weiderfuere vun der Finanzpolitik, déi vun de fréiere Regierungen an dësem Domän gemaach gouf.

Duerfir just fënnef kleng Punkten.

Éischtens: Mir begrëssen déi Efforten, déi gemaach goufen zënter 2009, fir d'Regele vun der OECD iwwert den Informationsaustausch bei Steierinformatiounen och an dës Konventiounen anzuschreien. Dir wësst alleguerten, dass dat néideg war no dem G20-Sommet vu London, wou mer deemools op eng gro Lëscht vun den net kooperatiounswëllege Steierjuridiktione gesat goufen.

Zweete Punkt ass deen, dass d'Kompetitivitéit vun der Finanzplaz gestärkt gëtt. Mä et soll een och emol eng Kéier soen, dass dëse Projet wichteg ass och fir déi aner Wirtschaftszweiger vun dem Standuert Lëtzebuerg. Dat ass enger-säits d'Stolindustrie, dat ass d'Satellitenindustrie, mä dat sinn och zum Beispill esou Niewenzweiger wéi de Secteur maritime.

Dir wësst, dass zu Lëtzebuerg eng Gesellschaft besteet, déi hire Sëtz huet hei zu Lëtzebuerg an enger Nopeschgengung vun der Stad Lëtzebuerg an déi am sougenannten „maritime dredging“ aktiv ass. Déi schaffen zum Beispill an der Verbreederung vun dem Panamakanal. Déi maachen d'Palmeninselen zu Dubai. An déi brauchen natierlech dës Duebelbesteuerungsofkommessen, well soss hiert Schaffe sécherlech net interessant wier.

En drëtten Punkt ass deen, d'Rapportrice huet dat ënnerstrach, dass hei formell, an der Konventioun notament mat Singapur, drasteet, dass déi och d'Fongenindustrie betrëfft, déi als Résident an der Steierkonventioun ugesinn ass.

Eppes, wat d'Leit dobaussen eigentlech och am Numm vun der Steiergerechtegkeet betrëfft, dat ass deen Zousaz oder déi Émännerung, déi mer maachen an dem Accord fiscal mat de Fransousen.

Bis elo war et esou, dass, wann een eng franséisch Gesellschaft hat, déi an hiren Aktiva zum Beispill eng Villa op der Côte d'Azur hat, an déi franséisch Gesellschaft, déi ass vun enger Lëtzebuurger Holding gehale ginn, an déi Parte vun där Gesellschaft, déi si verkaaft ginn an domat och d'Villa, dass dann déi Plus-value, déi domadder generéiert war, duerch dat Zesummespill vun de Regele vun de Fransousen a vun de Lëtzebuurger konnt steierfräi bewerkstelt ginn. Dat ass eigentlech géint all Regele vun der Steiergerechtegkeet gewiescht.

Dat gëtt elo geännert an ab dem 1. Januar vun dem nächste Joer, wann d'Fransousen dann och hirersäits dësen Accord ratifizéieren, da geet dat net méi, well dann ass déi Plus-value - Här Wolter! - zu 33 an engem Drëttel Prozent ze besteieren, wat, mengen ech, och am Sënn vun enger gewëssener Steiergerechtegkeet ass par rapport zu deene Leit, déi sech deenen normale Regele vun der Plus-value ënnerwerfen.

De fënnfte Punkt ass een, deen net ugeschwat ginn ass - de Finanzminister huet gesot, dass hie selwer zu Istanbul war -, dat sinn déi sougenannte BEPS-Programmer oder BEPS-Regelen. Et muss ee wëssen, dass, wann déi ëmgesat ginn, dann eng ganz Rei vun Duebelbesteuerungsofkommessen riskéieren, a multilateral Besteuerungsofkommessen ëmgewandelt ze ginn. An do heescht et dann och, d'Interesse vun eisem Land am Kontext vun deene multilateralen Diskussiounen fir déi Steieraccorden ze wahren, fir dass dann och déi néideg Besteuerungsbasis zu Lëtzebuerg bestoe bleift an dass

mer dann net um Niveau vun der Kierperschaftssteuer virun allem gréisser Abréch hunn.

Dat gesot, ginn ech, wéi am Ufank ugekënnegt, d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Roth. An d'Wuert huet direkt den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Ech géif der Rapportrice Merci soe fir hire gudden Rapport a géif den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet ginn. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An dann huet d'Madamm Viviane Loschetter d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Här President, am Numm vun der grénger Fraktioun soen ech der Madamm Elvinger Merci fir hire schréfflechen a mëndleche Rapport a ginn den Accord vun der Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Loschetter. An d'Wuert huet dann de Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Mir wäerten als ADR dësen Text och matstëmmen. Et gëtt allerdéngs ee Bémol: Dat ass deen Avenant zur Konventioun mat Frankräich. Do féiere mer eppes an, wat et a kengem aneren Duebelbesteuerungsofkommess mat iergendengem anere Land gëtt, an zwar datt eng Lëtzebuurger Firma, déi en Immeubel a Frankräich besëtzt indirekt duerch eng franséisch Filial, datt do d'Plus-value op der Cessiou vun deenen Aktien dann elo a Frankräich besteiert gëtt anstatt hei.

Dat ass, mengen ech, net dee richtege Wee. Et ass hei ugeklongen, dat wier Steiergerechtegkeet; dat ass net de Fall! Hei gëtt eng Brèche geschloen, déi ongesond ass. Virun allem och muss ee sech jo bewosst sinn, datt ganz oft net gewosst ass, wien iwwerhaapt Propriétaire ass a wéini iwwerhaapt eng Cessiou vun esou Parte stattfënn. Ech denken, datt dat keng gutt Saach ass. Mä well an dësem Text ganz vill aner gutt Texter sinn, virun allem och nei Duebelbesteuerungsofkommessen, déi wichteg si fir eist Land, stëmmen mer dësen Text trotzdeem mat.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet den Här Finanzminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech freeë mech iwwert de Konsens, dee mer hei hunn, fir dat heiten unzuhelen. Fir d'Éischt e grouse Merci dem Joëlle Elvinger fir säi schréfflechen a mëndleche Rapport.

Mir hunn zu Lëtzebuerg haut 74 Conventions de non double imposition. Et gëtt heiansdo international duergestallt, wéi wann d'Instrument selwer eng Manéier wier, fir eisem Land onberechtegt Virdeeler ze verschafen - ech wëll dat just hei soen -, a mir sollen eis natierlech dogéint wieren. An dofir stëmmen mer natierlech haut och déi international Konventiounen, wouvun der véier komplett nei sinn. Dat heescht, mir wäerten elo vu 74 op 78 goen, wa mer dat heite stëmmen fir Andorra, Kroatien, Estland a Singapur.

Et ass richtig, dass et eis an enger Rëtsch vun dëse Konventiounen gelongen ass, d'Investissementsfongen dranzekréien. Dat geléngt eis och net ëmmer, mä et ass awer eng gutt Saach, wa mer dat fäerdegbréngen.

Ech mengen, et sinn zwou wesentlech Anti-abus-Clausen ëmmer elo an deenen Traitéen dran. Déi éischt ass, dass mer den Échange d'informations sur demande systematesch do drasetzen. Dat ass och e Grond, firwat Verschiddener vun dëse Konventiounen amendeiert ginn. An déi Zweet, dat ass eng Clause anti-abus fir ze verhënnere, dass néierens besteiert gëtt.

An dat ass dann och de Lien zu där spezifescher Clause, déi mer mat Frankräich gemaach hunn, déi en fait mat sech bruecht huet, dass duerch déi Montagë jo dann op der Plus-value néierens Steiere bezuelt gi sinn. Dat ass iwwer Joerzéngten akzeptéiert ginn. Ech mengen d'Mentalitéit sinn amgaangen ze changéieren a mir mussen deem Rechnung droen. Déi Demande ass vun der franséischer Regierung och scho virun enger hallwerr Dose Jore gemaach ginn, an doduerch, dass mer där Demande nogaange sinn, huet dat och gehollef, eis Relatiounen bilateral mat Frankräich an deem



schwieregen Domän vun der Fiskaliteit ze verbesseren.

Ech wëll och ënnersträichen, dass et net duergeet, dass een den Échange automatique d'informations an d'Konventionen draschreift, mä et muss een deen och - hei schwätze mer vum Échange d'informations sur demande - effektiv gutt kënnen ëmsetzen. An dofir war et och wichteg, dass mer am Joer 2014 hei an der Chamber eng Rëtsch Gesetzer gestëmmt hunn, déi et mat sech bruecht hunn, dass mer deen Échange d'informations sur demande och effektiv ëmsetzen, wat e wichtige Punkt war, fir och an der OCDE vun der schwaarzer Lëscht erofzekommen, wat jo eréischt virun e puer Woche geschitt ass.

Mir sinn also zu Lëtzebuerg um Wee, géif ech soen, vun enger Normalisatioun. An dat ass gutt esou. A well mer elo an enger Normalisatioun sinn, kënnen mer eis, mengen ech, an där ganzer Diskussioun BEPS, déi elo wäert ufänken - d'Ëmsetze vun den neien internationale Regelen fir d'Fiskaliteit - aus enger gudder Ausgangspositioun eraus verteidegen an eis fir den „level playing field“ asetzen.

Et ass esou, dass e ganz wesentlechen Deel vun de Regeln am BEPS herno wäert um europäeschen Niveau ëmgëtt ginn. Dat heescht, dass dann am Kader vun der EU d'Plaz wäert misse sinn, wou mer müssen eis Interëte verteidegen. Mä et ass awer och esou, dass eng Rëtsch vun deene Recommendationen net wäert an deem Kader ëmgëtt ginn an da wäerte mer eis eben als Land eleng misse schloen. Mä mir wäerte schonn den „level playing field“ als eis grouss Ausgangsrichtung considéieren, fir och sécherzestellen, dass mer net benodelegt gi par rapport zu deenen aneren.

Ech soen allegueren deenen, déi intervenéiert sinn, Merci a freeë mech och, dass Der dat all ënnerstëtzt. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Finanzminister. A mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6826 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6826 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Enthaltungen.

Ont voté oui: *Mmes Diane ADEHM, Sylvie ANDRICH-DUVAL (par M. Laurent MOSAR), Nancy ARENDT, MM. Emile EICHER, Félix EISCHEN, Léon GLODEN, Jean-Marie HALSDORF, Mmes Martine HANSEN, Françoise HETTO-GAASCH, MM. Aly KAES (par M. Paul-Henri MEYERS), Marc LIES, Mme Martine MERGEN, M. Paul-Henri MEYERS, Mme Octavie MODERT, MM. Laurent MOSAR, Marcel OBERWEIS, Gilles ROTH, Marco SCHANK, Marc SPAUTZ (par Mme Octavie MODERT), Serge WILMES, Claude WISELER, Michel WOLTER et Laurent ZEIMET;*

MM. Marc ANGEL, Frank ARNDT, Alex BODRY, Mmes Taina BOFFERDING, Tess BURTON, M. Yves CRUCHTEN, Mme Claudia DALL'AGNOL, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges ENGEL, Franz FAYOT, Claude HAAGEN, Mme Cécile HEMMEN (par Mme Claudia DALL'AGNOL) et M. Roger NEGRI;

MM. Guy ARENDT, André BAULER, Gilles BAUM, Mme Simone BEISSEL, M. Eugène BERGER, Mme Anne BRASSEUR (par M. André BAULER), M. Lex DELLES, Mme Joëlle ELVINGER, MM. Gusty GRAAS, Max HAHN, Alexander KRIEPS, Edy MERTENS et Mme Lydie PÖLTER (par M. Lex DELLES);

MM. Claude ADAM, Gérard ANZIA, Henri KOX, Mmes Josée LORSCHÉ, Viviane LOSCHETTER et M. Roberto TRAVERSINI;

MM. Gast GIBÉRYEN, Fernand KARTHEISER et Roy REDING.

Se sont abstenus: MM. Serge URBANY et David WAGNER.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun eisen Aarbechte vum Nomëtten ukomm. Den nächste Rendez-vous ass muer de Mëtten um zwou Auer. Ech soen lech Merci.

(Fin de la séance publique à 17.41 heures)

Sommaire des séances publiques n°3 et 4

3^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 29
Hommage en signe de deuil et de solidarité envers les victimes des actes terroristes perpétrés à Paris en date du 13 novembre 2015	p. 29-30
Communications	p. 30
6889 - Proposition de révision de l'article 11bis de la Constitution	
6890 - Proposition de loi portant création d'un statut juridique particulier pour les animaux	
6894 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 3 de la Constitution	p. 30
Ordre du jour	p. 30
Dépôt d'une motion par M. Marc Angel	p. 30-31
Ordre du jour (suite)	p. 31
Heure de questions au Gouvernement	
Question n°125 du 17 novembre 2015 de M. Lex Delles relative aux discussions au sujet des attentats récents à Paris au sein de nos écoles et lycées, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse	p. 31
Question n°126 du 17 novembre 2015 de Mme Diane ADEHM relative à l'encadrement scolaire des enfants de demandeurs d'asile, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse	p. 31
Question n°127 du 13 novembre 2015 de M. Roger Negri relative à la récente évaluation de l'EFSA confirmant la sécurité du glyphosate, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement	p. 31-32
Question n°128 du 17 novembre 2015 de M. Gast Gibéryen relative à la politique d'information de la police en relation avec l'incendie de Mënjecker, adressée à M. le Ministre de la Sécurité intérieure	p. 32
Question n°129 du 17 novembre 2015 de M. André Bauler relative à la possibilité d'instaurer des guichets uniques régionaux, adressée à M. le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative	p. 32
Question n°130 du 17 novembre 2015 de M. Claude Wiseler relative aux recommandations du Conseil national des finances au sujet du projet de budget pour 2016, adressée à M. le Ministre des Finances	p. 32-33
Question n°131 du 16 novembre 2015 de M. Franz Fayot relative aux «Assises culturelles», adressée à Mme la Ministre de la Culture	p. 33
Question n°132 du 17 novembre 2015 de Mme Sylvie Andrich-Duval relative à une réforme des régimes de protection (sauvegarde de justice, curatelle et tutelle), adressée à M. le Ministre de la Justice	p. 33-34
Question n°133 du 17 novembre 2015 de M. Laurent Mosar relative aux conclusions du sommet du G20 à Belek en Turquie, adressée à M. le Ministre des Finances	p. 34
Ordre du jour (suite)	p. 34
Renouvellement du mandat de deux conseillers à la Cour des Comptes	p. 34
Déclaration de M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire, suivie d'un débat	p. 34-46
Ordre du jour (suite)	p. 46

4^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 47
Question urgente n°1570 de M. Henri Kox relative au redémarrage des réacteurs belges de Tihange et Doel	p. 47
Motion de M. Serge Urbany invitant le Gouvernement à s'opposer au Conseil européen à toute démarche menant vers une implémentation de l'accord économique et commercial global (AECG), tant que les dispositions RDIE contenues actuellement dans cet accord sont maintenues	
Motion de M. David Wagner relative à l'initiation ou au soutien de toute démarche envers la Commission humanitaire d'établissement des faits dans le but d'ouvrir une enquête indépendante concernant le bombardement d'un hôpital MSF à Kunduz en Afghanistan	
Motion de M. Marc Angel relative à la persécution internationale de minorités ethniques ou religieuses au Moyen-Orient	p. 47-51
6542 - Projet de loi portant introduction d'une subvention de loyer et modifiant:	
a) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;	
b) la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti;	
c) la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées	p. 51-54
6783 - Projet de loi relatif à certaines utilisations autorisées des œuvres orphelines	p. 54-55
6456 - Projet de loi sur le secteur des assurances	p. 55-58
6826 - Projet de loi portant	
1) approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Principauté d'Andorre tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 2 juin 2014;	
2) approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Croatie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 20 juin 2014;	
3) approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Estonie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 7 juillet 2014;	
4) approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Singapour tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Washington DC, le 9 octobre 2013;	
5) approbation du Protocole, signé à Abou Dhabi, le 26 octobre 2014, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Émirats Arabes Unis tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Dubaï, le 20 novembre 2005;	
6) approbation du quatrième Avenant, signé à Paris, le 5 septembre 2014, à la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la France tendant à éviter les doubles impositions et à établir des règles d'assistance administrative réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune signée à Paris le 1er avril 1958 modifiée par un Avenant signé à Paris le 8 septembre 1970, par un Avenant signé à Luxembourg le 24 novembre 2006 et par un Avenant signé à Paris, le 3 juin 2009;	
7) approbation du Protocole et l'échange de lettres y relatif, signés à Luxembourg, le 27 mai 2014, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et l'Irlande tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir l'évasion fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 14 janvier 1972;	
8) approbation du Protocole et du Protocole additionnel, signés à Luxembourg, le 20 juin 2014, modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lituanie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 22 novembre 2004;	
9) approbation du Protocole, signé à Bruxelles, le 28 janvier 2014, modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Maurice tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole, signés à Luxembourg, le 15 février 1995;	
10) approbation du Protocole et l'échange de lettres y relatif, signés à Bruxelles, le 8 juillet 2014, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République tunisienne tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir l'évasion fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 27 mars 1996	p. 58-60